

Léiw Elteren, Memberen a Frënn vum CISV,

Den CISV Lëtzebuerg ass ganz aktiv! Hei een kuerzen Iwerbléck!

Villmools Merci all denen, déi eis d'ganzt Joer esou groussaarteg ënnerstëtzt hunn!

Mir hoffen natierlech dat an Zukunft nach méi Memberen waerten matschaffen!

Och wëlle mer eis generéis Donateurs net vergiessen déi dëst Joer (nees) un eis geduet hunn, ouni déi mir eis Aktivitéiten net kéinten äusbauen!

Delegatiounen, Camp'ën & Staff'ën

Eis Delegatiounen hun sech gudd vierbereet,



hun elo um Camp vill Spaass an machen vill interessant Erfahrungen!

D'Emilie an d'Maya sin um Seminar Camp zu Clairefontaine;



D' Sophie ass als Staff an engem Village a Norwegen engagéiert gin;



De Mathieu huet d'Junior Branch op der IJBC vertrueden! (International Junior Branch Conference)



Am Detail kënnt der dat um cisv.lu noliësen.

Seminar Camp zu Clairefontaine

De 6. August ass zu Clairefontaine den Seminar Camp vum CISV Lëtzebuerg ungangen. Den Daniel (Camp Director aus Brasilien), d'Rike (CISV Germany), d'Ines an d'Lis (Cisv Luxembourg), begleden bis den 26.8. déi 24



Participant'ën (Alter 17- 18) aus Algerien, Griechenland, Israel, Lëtzebuerg, England, Frankräich, Kanada, Norwegen, Ecuador,

Bulgarien, Egypten an Schweden. Sie hun hieren Camp "NOW! Camp" genannt (= Now we have an impact!). D'CISV Thema vum Joer ass "Human Rights". An dem Zesammenhang ass niewt Interventiounen vum Här Soares (ASTI) an vum Här Schlechter (Ombudsmann fir d'Rechter vun den Kanner an Jugendlechen = ORK) och nach eng Aktivitéit (Syresch kachen, Questions &

Answers an gemeinsam Graffiti) mat jonken Flüchtlingen am Kader vum [HARIKO \(www.hariko.lu\)](http://www.hariko.lu) Projet (Croix- Rouge) geplangt. Hinnen och een GROUSSEN Merci!

INVITATIOUN

Open Day zu Clairefontaine den 19. August

d'Participant'ën vum Camp empfänken iech an weisen iech wat sie machen.

(Kuckt eisen separate Message an eisen Opruff fir Support!)

Villmools Merci un [Voyages Simon \(www.voyages-simon.lu\)](http://www.voyages-simon.lu) vun



Dikrech déi eis mat hieren Bussen beim Transport esou généreïs ënnerstetzen!

Mir sin on-line! "cisv.lu"



Gitt op eisen neien [Site](http://www.cisv.lu) kucken! ...den mir mat der frëndlecher

Ënnerstëtzung vun [Visual Online\(www.vo.lu\)](http://www.vo.lu)

konnten op d'Been setzen. Och dem Yves een hätzlechen merci fir sain Asatz!

Mir sin nach "in progress", mais dir kritt awer schon aktuell Informatiounen an Kontakt-Formularen.

Geplangt sinn och privat Säiten (mat Passwuert fir Memberen), wou mer spéiderhin z.B. Fotosgaleriën vun den Camp'ën hannerléen können.

HELP WANTED

Wien vun iech – Elteren, Memberen, Junioren – ass bereet ze hëllef?

- als Webmaster
- bei der Aarbecht am Comité
- fir den Shop ze féieren
- fir CISV Merchandizing ze bestellen
- Grillmaster fir den Family Day ze sin
- beim Fundraising /Sponsoring
- etc.

Mir fréen eis fir all Hëllef! Den CISV Lëtzebuerg kann sech nëmmen duerch är Coopératioun weiderentwéckelen!

PS: Mir freeen eis ëmmer iwwert [feedback an gudd Propositionen.](#)

SAVE THE DATE!

FAMILY DAY - 24. 9

POST CAMP WEEK- END – 23/24.9

Och dëst Joer invitieren mer iech op eisen Family Day zu Clairefontaine am Centre d'Accueil, den 24 September um 11 Auer, an zwar:

- D'Kanner an die Jonk sängen, danzen, an erzielen vun hiren Camp'en
- D'Junior Branch stellt sech vier
- D' 2017-2018 Programmer gin ungekënnegt
- D' Inscriptiounen fir d'nächst Joer gin op...an d'Conditionen fir matzemachen gin erklärt!

Et ass och eng schéin Geleeënheet sech ëremzegesin bzw. kennen ze léieren, an sech bei engem gemittlechen Mëttegiessen äuszetauschen.

Dir kritt nach eng separat Aluedung.

Wann dir nach Frënn oder Famill huet, déi Kanner am richtigegen Alter hunn an déi sech fir den CISV interessieren, sou sot eis w.e.g. Bescheid, esou dat mer déi an eis Mailinglëscht ophuelen kënnen

Notéiert w.e.g. och dat dann och den éischte Weekend fir déi nächst Saison ass. Detailer kommen nach per mail. Di weider Datumer fannt der op eisem www.cisv.lu.



Dat wier et elo mol alles vun eis.

Nach weiderhin e schéine Summer !

Bis geschwënn! de Comité

CISV educates and inspires action for a more just and peaceful world